



# WOUSST DIR SCHONN ? LE SAVIEZ-VOUS

## D'Traditioun vun der Kiermes an dem Hämmelsmarsch

En Artikel vun der Biekerecher Kulturkommissioun

### *La tradition de la kermesse et de la Hämmelsmarsch*

*Un article de la commission de la culture de Beckerich*

D'Kiermes gëllt scho laang als eng vun de bedeiendsten Traditiounen a Feierlechkeeten an der lëtzebuergescher Kultur. Am Laf vun der Zäit huet sech dëse Brauch awer verännert a schéngt, op mannst deelweis, u Wichtegkeet verluer ze hunn. Dat léisst sech dorop zeréckféieren, datt eis Gesellschaft sech stänneg weiderentwéckelt; an domat sinn och eis Traditiounen a Gebräicher an engem gewësse Wandel. Awer trotz dësen Entwécklungen bleift d'Kiermes fir Jonk an Al e Begrëff. Jidderee huet seng eege Biller a Gefiller am Kapp, wann en un d'Kiermes denkt: sief et dat gemittlecht Zesummes mat Frënn a Famill, de Kiermesbal oder de järeleche Besuch bei d'Schéissbud.

Wat fir eng Geschicht stécht eigentlech hannert dëser Traditioun, déi all Joer erëm op e Neits gelieft gëtt?

Wéi eng ganz Rei aner Feierdeeg oder Festivitéiten zu Lëtzebuerg spillt och bei der Kiermes d'Relioun, oder villméi d'Kierch, eng wichteg Roll. Soumat leed den Duden de Begrëff „Kiermes“ vun „Kirchmesse“ oder „Kirchweihfest“ of. Deemno kann een dovun ausgoen, datt et bei der Kiermes ëm d'Erënnerung un d'Wei oder d'Aweiung vun enger Duerfkierch geet.

Nach bis virun e puer Joerzénge huet d'Kierch déi perfekt Geleeënheet gebueden, fir datt d'Leit aus dem Duerf an der Ëmgéigend zesummekomm sinn. D'Kierch ass eng Plaz, wou Gemeinschaft gelieft gouf, Fester gefeiert a Wäerter vermëttelt goufen. Des Weideren gouf an der Kierch awer och Trouscht fonnt. De Paschtouer huet, wann et noutwendeg war, och mol gären d'Leit gelies, an och politesch Messagë goufen heiansdo an der Priedeg un d'Leit gedroen.

La kermesse est depuis longtemps l'une des traditions et festivités les plus emblématiques de la culture luxembourgeoise. Avec le temps, cette coutume a toutefois évolué et semble, du moins en partie, avoir perdu de son importance. Cela s'explique par l'évolution constante de notre société, un changement qui touche aussi nos traditions et nos habitudes. Mais malgré ces transformations, la Kermesse reste un événement marquant, tant pour les jeunes que pour les moins jeunes. Chacun garde en mémoire ses propres souvenirs et émotions liés à la kermesse : qu'il s'agisse d'un moment chaleureux en famille ou entre amis, du bal traditionnel, ou de la visite annuelle au stand de tir.

Quelle est donc l'origine de cette tradition de la kermesse que l'on fait revivre chaque année ?

Comme pour toute une série d'autres jours fériés ou festivités au Luxembourg, la religion, ou plus précisément l'église, joue un rôle important dans ce que l'on entend par la kermesse. Ainsi, le dictionnaire Duden fait dériver le terme allemand « Kirmes » de « Kirchmesse » ou de « Kirchweihfest ». On peut donc supposer que la kermesse trouve son origine dans le souvenir de la consécration ou de l'inauguration d'une église villageoise.

Jusqu'à récemment, l'église était un lieu de rencontre pour les habitants du village. On s'y retrouvait pour célébrer

des fêtes et partager des moments de convivialité. Elle permettait aussi de transmettre des valeurs, et offrait un soutien dans les périodes difficiles. Le prêtre, quant à lui, n'hésitait pas à faire la leçon lorsque cela s'imposait, et il arrivait même que des messages politiques soient glissés dans ses discours.



Kiermessondeg 1945<sup>3</sup>

D'Kierch huet deemno eng ganz wichteg Roll am Liewe vun de Leit gespillt, an dofir gouf an all Duerf, all Joer un d'Wei oder d'Aweiung erënnert. Esou ass dat dann och de Fall zu Biekerech: All drëtte Sonndeg am Mount Juli gëtt zu Éiere vum hellege Petrus an dem hellege Paulus, de Schutzpatréiner vun der Biekerecher Kierch, d'Kiermes gefeiert.

D'Fest vun der Kierch geet bei eis an der Géigend, vun der Traditioun hier, sécherlech op mannst bis an d'Mëttelalter zeréck an huet sech jee no Regioun zu engem richtegen Duerffest entwéckelt, bei deem och Famill a Frënn ëmmer méi an de Mëttelpunkt geréckelt sinn. Jee no Duerf oder Stad huet d'Kiermes dann och d'Form vun engem Maart ugehol a bis haut souguer zu richtegen Vollecksfester mutéiert. Eis Schueberfouer an der Stad ass dat bescht Beispill dofir.

Och wa mir zu Biekerech och schonn eng Kéier eng Schéissbud oder mol Knuppautoen haten, ass dat um Duerf bis elo méi gemittelt zougangen. An dach war d'Kiermes ee vun de wéinege Familljefester, déi am Joer gefeiert goufen, an déi Geleeënheet, wou Famill a Frënn vu wäit an no ageluede waren, fir sech d'Kiermesbitt, d'Kiermesham oder de Kiermeskuch a gudder Gesellschaft schmaachen ze loossen. Wéinst de schlechte Verkéiersverbindunge sinn d'Gäschtdacks och méi laang am Duerf bliwwen. Meeschtens gouf sech dann och de Kiermesbal Samschdes owes net entgoe gelooss, a Sonndes moies war d'Gesellschaft dann erëm um Dill, fir um Cortège vum Hämmelsmarsch deelzehuelen.

Den Hämmelsmarsch ass allerdéngs eng méi jonk Traditioun, ob alle Fall, wat déi hautzedaags ganz bekannte Melodie ugeet.

Den Hämmelsmarsch ass enk mat eiser Schueberfouer verbonden. Ëm 1400, bei der Erëffnung vun der Schueberfouer, heescht et, datt d'Musikante mat engem Trap Schof um Kiermessondeg vun der Stater Cathedral iwwer de Glacis getrëppelt sinn. Weider heescht et, datt d'Sankt-Sebastians-Bruderschaft, all Joer op der Schueberfouer e Schéissconcours organiséiert huet, an den, den am beschte geschoss huet, den Hammel aus dem Cortège vun der Erëffnung gewanne konnt. Am Laf vun der Zäit sollen Dealer vun der Melodie vum ale Klackespill vun der Cathedral d' Erëffnung vun der Schueberfouer mat engem musikaalesch Marsch ënner moolt hunn.<sup>1</sup>

Soumat ass, aus der spezieller Melodie an den Tra-

*L'église occupait donc une place centrale dans la vie des habitants. Chaque année, le souvenir de sa consécration ou de son inauguration offrait l'occasion de se retrouver pour célébrer ensemble. Il en va de même à Beckerich : chaque troisième dimanche de juillet, on y célèbre la kermesse en l'honneur de saint Pierre et saint Paul, les saints patrons de l'église de Beckerich.*

*La kermesse, dans notre région, remonte, selon sa tradition, au moins au Moyen Âge. Elle s'est transformée au fil du temps, prenant des formes différentes selon les régions, pour devenir une véritable fête de village, où la famille et les amis ont occupé une place de plus en plus importante. Selon le village, la Kermesse a également pris la forme d'un marché ou d'une foire, et, jusqu'à aujourd'hui, certaines kermesses ont muté en de véritables fêtes populaires. Notre Schueberfouer en ville en est l'exemple parfait.*

*Même si, à Beckerich, il y avait parfois un stand de tir ou des autos tamponneuses, la kermesse restait jusqu'à plutôt conviviale, calme et paisible. Pourtant, elle constituait une journée importante dans le calendrier et était l'une des rares occasions de l'année, où famille et amis, venus de près ou de loin, se retrouvaient pour savourer le rôti, le jambon ou le gâteau traditionnel de kermesse. En raison des mauvaises liaisons de transport, les invités restaient souvent plus longtemps au village, ce qui faisait que le bal de la kermesse, le samedi soir, était presque toujours un événement incontournable. Le dimanche matin, les gens se réunissaient ensuite pour participer ensemble au cortège de la Hämmelsmarsch.*



Kiermessondeg an den 1970er<sup>3</sup>

La Hämmelsmarsch est toutefois une tradition relativement récente, du moins en ce qui concerne la mélodie aujourd'hui bien connue.

La Hämmelsmarsch est étroitement liée à notre Schueberfouer. Aux alentours de 1400, lors de l'ouverture de la foire, on raconte que des musiciens, accompagnés d'un mouton, défil-

*ent le dimanche de la kermesse depuis la cathédrale de la ville jusqu'au Glacis. Il est également dit que la confrérie de Saint-Sébastien organisait chaque année un concours de tir à l'occasion de la Schueberfouer, et que le meilleur tireur remportait le mouton du cortège d'ouverture. Avec le temps, des fragments de la mélodie du vieux carillon de la cathédrale auraient servi à accompagner l'ouverture de la Schueberfouer sous la forme d'une marche musicale.<sup>1</sup>*

*C'est ainsi que la Hämmelsmarsch est née, issue donc*

<sup>1</sup>, 'D'Schueberfouer mat hirem Hämmelsmarsch', Artikel publizéiert den 17 Juni 2022 ob der Internetsäit vum „Immateriellt Kulturierwen zu Lëtzebuerg“, <https://iki.lu/post/show/2>



ditione vum Erëffnungscortège vun der Schueberfouer den Hämelmarsch ginn. Ëm d'Joer 1861 huet de bekannte Lëtzebuerger Dichter Michel Lentz den Hämelmarsch sou komponéiert, wéi mir en haut kennen. D'Traditioun vum Hämelmarsch op der Schueberfouer gouf duerno no an no an all Duerf um Kiermessondeg opgeholl, an huet de Museksveräiner erlaabt, hier Keessen opzebesseren.<sup>2</sup> Um Duerf war dat dann zwar ouni Schéissconcours, mee den Hammel huet ganz laang, och hei zu Biekerech, wéi een dat gutt op de Fotoe kann erkennen, zum Hämelmarsch dozou gehéiert.

de la mélodie spécifique et des traditions du cortège d'ouverture de la Schueberfouer. Vers 1861, le célèbre compositeur luxembourgeois Michel Lentz a composé la Hämelmarsch tel que nous la connaissons aujourd'hui. La tradition de la Hämelmarsch s'est progressivement implantée dans l'ensemble des villages luxembourgeois. Elle a ainsi permis, le dimanche de la kermesse, aux associations musicales d'améliorer leurs ressources financières.<sup>2</sup> Dans les villages, le mouton a longtemps fait partie intégrante de la Hämelmarsch, notamment à Beckerich, comme en témoignent les photos.



Kiermessondeg 1945<sup>3</sup>

Et bleift ze ënnersträichen, datt d'Traditioun vun der Kiermes, wéi sou vill anerer, eng ass, déi, och wann se am Wandel ass, gepflegt sollt ginn. D'Fleeg vun eisen Traditiounen baséiert um Wëlle vun eiser Gesellschaft a virun allem och um Benevolat. Nom Succès vum Revival vun der Leeweler Kiermes déi leschten Joren, steet enger weiderer Editioun vun der Biekerecher Kiermes den 20. Juli näischt am Wee. Deemno sinn d'Lieserinnen an d'Lieser wäermsten invitéiert, all zesummen d'Fester ze feieren wéi se falen, an eis Traditiounen héisch ze halen.

Enfin, il convient de souligner que la tradition de la kermesse, comme beaucoup d'autres, est en constante évolution et mérite d'être préservée. La pérennité de nos traditions repose sur la volonté collective de notre société et, avant tout, sur l'engagement des bénévoles. Suite au succès du revival de la kermesse de Levelange ces dernières années, rien n'empêche une nouvelle édition de la kermesse de Beckerich qui aura lieu le 20 juillet prochain. Célébrons donc tous ensemble ces instants de fête, et faisons perdurer l'âme de nos traditions.



Hues du och spannend Erzielungen, Anekdoten, Fotoen a Biller aus der Gemeng, déis du gär mat eis wëlls deelen? Dann mellet dech ganz einfach bei der Kulturkommissioun vu Biekerech ënnert:

As-tu aussi des histoires passionnantes, des anecdotes, des photos ou des images de la commune que tu aimerais partager avec nous ? N'hésite pas à contacter la commission culturelle de Beckerich à l'adresse suivante :

✉ [kulturkommissioun@beckerich.lu](mailto:kulturkommissioun@beckerich.lu)

<sup>2</sup> „Die Geschichte des HÄMELSMARSCH“, Artikel publizéiert 2007 op der Internetsäit vun „Onstad vdl“, [https://onsstad.vdl.lu/fileadmin/uploads/media/ons\\_stad\\_86-2007\\_39-41.pdf](https://onsstad.vdl.lu/fileadmin/uploads/media/ons_stad_86-2007_39-41.pdf)

<sup>3</sup> Fotoen: Archiven vun der Gemeng Biekerech